# aus der perséinlecher schoulpolitescher a kulturhistorescher Siicht op de *Collège d'Enseignement moyen* … a spéider *Lycée technique Mathias Adam* vu Péiteng

*vum Jhemp Hoscheit, Stagiär, Proff … a spéider Schrëftsteller, vläicht grad wéinst där Schoul*

Ech hunn e klengen Deel vu mengem berufflleche Liewen an där Schoul verbruecht, an där de Cornel Meder Direkter war: an zwar vun 1975, mengem éischte Joer als Stagiär – als *Aspirant-professeur* – zu Péiteng, bis 1987, wéi hien de Lycée Technique Mathias Adam verlooss huet an Direkter an de Staatsarchive ginn ass. Ech war duerno nach sechs Joer Prof zu Péiteng bis zu menger Nominatioun am LGE, 1993.

Zwielef vu menger uechtzeng-järeger beruflecher Carrière zu Péiteng hunn ech also mam Cornel Meder verbruecht. Ech schreiwe bewosst *mam* Cornel Meder, well dat war eng Zäit, wou mer ganz vill Zäit a ‚senger' Schoul verbruecht hunn, déi och ‚eis' Schoul war, net nëmme wann d'Schoul aus war, mee vill vun eiser Fräizäit hu mer an déi Schoul investéiert. An de Cornel huet eis dat erméiglecht. Mär waren zu souvill jonk Stagiären a Stagiärinnen zu Péiteng geland, vill haten do hiert beruflecht ‚Doheem' fonnt, e puer aner waren net frou, op Péiteng genannt/mutéiert/versat ze ginn. Déi Péitenger Mëttelschoul, de *Collège d'Enseignement moyen à Pétange* – CEMP – huet neit a jonkt Léierpersonal gebraucht, well d'Schoul am Ufank vun de 7oer Joren – an *E'gent* – lues a lues ausgebaut gouf.

Ech menge jo nach ëmmer, wann ech net zu Péiteng ‚geland' wär, wär ech net Schrëftsteller ginn. Ech war jo och duerch Zoufall do geland, well wéi meng Stagiärs-Kolleegen am September 1975 schonn all hiert Schoulgebai zouge-

sprach kritt haten, hat ech duerch en administrative Feeler keng sou eng *Affectation* geschéckt kritt. E Beamten am MEN sot mer, ech sollt mech op Péiteng virstelle goen, do bräichte se nach Leit. An do sinn ech bei den Här Meder a säi Büro gaangen … an hien huet mech ‚ugeholl'.

Déi Schoul war fir vill – besonnesch fir mech – e richtegt Doheem. Et war jo wéi an enger grousser Famill. Mär hunn alles do gefeiert: Kanddafen, Jonggesellenabschieder, Gebuertsdeeg, Proffefriessen, Abschieder vu Kollegen a Kolleginnen, asw. Eis ‚Proffen'ausflich – eis *Rallyes pédestres* – mat den uschléissenden Owesiessen um Enn vum Joer waren ëmmer e grousse Spaass. Dat ass haut a kenger Schoul méi de Fall. Et ass alles sou anonym, sou onperséinlech ginn.

Ech sinn zwar schonn dräi Joer aus dem Schoulbetrieb eraus, awer ech ka gutt vergläichen, wat Péiteng mär/ eis bruecht huet. Et war eng Schoul, an där de perséinlechen Austausch, de mënschleche Kontakt an déi konstruktiv Auseranersetzunge wichteg waren. Mär sinn an där Atmosphär opgebléit. Mär wollte jo all d'Schoul verbesseren. An de Cornel huet eis dat (heiansdo net sou gären) erlaabt. Wou gëtt et dann haut nach eng Schoul, wou souvill diskutéiert gouf wéi zu Péiteng? Et goufe regelméisseg *Tables d'information et de dialogue* mam Direkter, den Enseignanten an den Elteren; pädagogesch Aarbechtsgruppen (all Woch!); gemeinsam Prüfungen am Franséische fir d'7$^{es}$; Diskussiounsowenter bei Kolleginnen a Kollegen, privat doheem; mer hate regelméisseg Versammlunge mam Schüler- an dem Elterecomité; mer haten de GAC – de *Groupe d'animation culturelle* – 1976 gegrënnt – deen ënnert anerem d'*Journées Culturelles trimestrielles* tëscht 1976 an 1982 organiséiert huet.

Mär hate regelméisseg Reuniounen tëscht der Direktioun an dem Proffecomité. Et war och dee Comité, deen am Laf vun de Jore mat aneren interesséierten Enseignanten Motiounen ausgeschafft huet, wa Reformen oder Reförmercher an d'Haus stoungen. Op sëlleche *Conférences plénière*s koume Ministerialbeamten, déi net ëmmer en einfache Stand bei eis haten, well se dacks op grousse Widerstand gestouss sinn, Gesetzprojeten oder soss Gesetztexter virstellen, déi vun der *Belegschaft* diskutéiert, amendéiert an ofgestëmmt goufen. (Ech verstinn lo de Claude Meisch, firwat dee liberale Minister de *Comités des enseignants* déi gewerkschaftlech Attributiounen an dat Sech-politescht Amëschen ofgeschwat an aus hinne just Kaddoscomitéë gemaach huet.)

An de Cornel huet souguer op Stamineten am *Home* op kontrovers Diskussiounsronnen invitéiert, wou hien eis Ried an Äntwert stoung. Dat kann ee sech haut net méi virstellen. En Direkter ‚stellt' sech am Gespréich beim Patt senge Mataarbechter. Haut sinn d'Schoule kal Léierfabriken, Kultur am ausserschoulesche

Kader gëtt et bal net, a Kultur, déi an de Schoulcursus integréiert gëtt, dorun ass net ze denken. Direktere sinn Administrateurë ginn, d'Proffe si Beamten, déi brav executéieren, wat Beamten am MEN hinne virtässelen.

Et gouf d'Kantinn am Keller, wou d'Mme Marie-Josée Scheuren-Wagner gekacht huet; et gouf d'Bibliothéik, déi vun der Mme Marcelle Percara gefouert gouf – mat ënnert anerem enger villsäiteger *Luxemburgensia* –, an där ech während menge Sprangstonnen op Entdeckungsreese goung.

Souguer de Kleeschen ass op Péiteng komm. An net ze vergiessen: de Mikis Theodorakis, den 13.3.1978. Säi spéidere Biograph a grousse Bewonnerer, de Guy Wagner – deen, ier en Direkter vum Escher Theater gouf, vun 1976 bis 1980 Proff zu Péiteng war, – hat eng Ausstellung organiséiert: *La vie et l'oeuvre de Mikis Theodorakis*.




*Mikis Theodorakis (mat Cornel Meder a Guy Wagner)*

Mär hunn an de 70-er an an den 80-er Jore versicht, d'Schoul z'erneieren. Et war och e besonnesche Geescht an där Schoul. E kritesche Geescht. Mär wollten op deenen neie pädagogesche Weeër, déi mer ageschloen haten, all Schüler – fräi a kritesch – matabezéien; mär hu vill experimentéiert: an de Cornel war dorun net onschëlleg: hien huet eis dat erlaabt. Net ëmmer hunn eis pädagogesch Methoden dem Cornel gefall. An och dem Cornel seng modern Usiichten hu villen Enseignanten net gefall. Ech denken un dat grousst schoulescht Eperimentéierfeld tëscht 1975 an 1978 – den *Tronc Commun* –, en éischte Schrëtt

zur Gesamtschoul. Et war awer fir vill vun eis e Sichen, en Ausprobéieren an en Testen. Meeschtens stounge mer op senger Säit, wat déi nei a méi fortschrëttlech Weeër ugoung. Fortschrëtt ass och ëmmer mat Risiko verbonnen. Awer aus Feeler kann ee léieren. Och Proffen. Am Mëttelpunkt stoung ëmmer: d'Verbesserung vun der Unterrechtsqualitéit. Et war wichteg, e kulturellen a mënschleche Kader an enger attraktiver a kreativer Schoul ze schafen, an där ee gäre léiert an enseignéiert.

De Jean Portante resuméiert d'Zäit an d'Ambiance am LTMA esou: „*A Pétange on discutait. On cherchait des alternatives. On échangeait. On s'informait. On bousculait. Nous formions – pas tous bien entendu, mais bon nombre – une belle équipe. Des amitiés naissaient. Des amours se nouaient. On travaillait. On fêtait aussi. On vivait intensément. (...) Malgré nos divergences, un même esprit nous guidait. A Pétange convergeaient, comme si le lycée attirait les esprits critiques, des professeurs progressistes de tous bords – socialistes, communistes, trotskistes, maoïstes, féministes. Sans oublier les sans étiquette, pas moins engagés. Atterris là par hasard. Mais était-ce vraiment un hasard?*"[1]

Op verschidde Gebidder huet Péiteng Pionéier gespillt: D'Tutorat, *Portes ouvertes*, Francophones-Klassen, *7e d'accueil*, *Cours de rattrapage*, Concertatiounen – Fachkonferenzen all Woch, déi am Kader an am Stonneplang agebaut waren – goufen agefouert. Amplaz vun der Dispens fir déi Schüler, déi weder de Reliounsunterrecht nach de Cours de morale laïque gewielt haten, gouf et eng *3e possibilité* – e *cours d'utilité générale* – Konschtgeschicht, zum Beispill. Et goufen nach d'*Semaine de l'environnement* (1987), de Jumelage tëscht dem LTMA an dem Athénée Royal vu Saint-Hubert, Auslandsreesen, Chrëschtmäert, asw…

De Cornel Meder war awer net frou, wéi den 28.4.1978 d'*Aspirants-Professeurs* aus dem CEMP – an och aus villen anere Schoulen – gestreikt hunn. Dee Streik huet sech jo géint d'Unterrechtspolitik vu senge politesche Parteikollegen – dem Robert Krieps – als Unterrechtminister – an dem Guy Linster – als Staatssekretär – geriicht. Véier Joer laang goufen et Negociatiounen tëscht der DNAP an dem MEN. Ouni konkret Resultat. Well de MEN op keng Fuerderung vun den Aspirants-professeurs agaangen ass, huet de Comité de Grève – zesummegesat aus der DNAP – der *Délégation nationale des aspirants-professeurs* –; der AGESS – der *Association générale des enseignants du secondaire et supérieur*, déi sech vun der APESS – der Association des Professeurs de l'enseignement secondaire et supérieur – getrennt hat, a mat den *aspirants-professeurs/instructeurs* vum *Enseignement technique et professionnel* – zum Streik opgeruff.

1 AALTheMA 55 (avril 2019), bulletin d'information du comité de l'association des ancien(ne)s et ami(e)s du LTMA

D‘APESS huet sech desolidariséiert, well eng Fuerderung – déi vun der kompletter Reform vum *Stage pédagogique* – hir en Dar am A war, déi meeschte Stage-Proffen – also eis p*atrons de stage* – waren nämlech an der APESS a wollte sech selwer als Formateuren net a Fro stellen. D‘DNAP huet dofir gefuerdert, d‘Formateure misste sech selwer mol am Ausland enger *formation supérieure à la formation d‘un enseignement* ënnerzéien, ier se d‘*Aspirants-professeurs* forméieren! Aner Fuerderunge waren nach : *contre la politique d‘austérité du MEN; pour une meilleure qualité de l‘enseignement; abaissement des effectifs de classe; réduction massive des heures supplémentaires, systématisation des cours d‘appui, pour le droit au travail, contre la menace du chômage*. Et fält mer lo op, datt déi schoulspezifesch Fuerderungen ëmmer an e gesamtpolitesche Kontext gestallt gi sinn. Et goung net nëmmem ëm *eis* Zufunft, mee och ëm d‘Solidaritéit *avec tous les jeunes à la recherche d‘un emploi*.

Well de MEN op keng eenzeg Fuerderung agaange war, gouf et den 23. an de 24. November 1978 den nächste Streik. Zwéin Deeg. Ouni Resultat! Am Mee 1979 huet d‘DNAP iwwer de Wee vum Staatsminister, dem Gaston Thorn, beim Léon Liesch, dem President vun der Conciliatiouns-Commissioun, d‘*procédure de conciliation* ugefrot: Déi Conciliations-Reuniounen tëscht Vertrieder vum MEN an der DNAP hunn zu kengem Resultat gefouert, well nëmme formal driwwer diskutéiert gouf, ob d‘DNAP iwwerhaapt repräsentativ wär. Dat war jo eng Delegatioun vu Stagiären ouni Daachgewerkschaft. Och duerno mam *Front syndical* gouf et schwéier, well déi eenzel Gewerkschafte sech zerstridden hunn, wien déi repräsentatiivste wier…

Lo erënneren ech mech … Hei eppes *pour la p‘tite histoire*! … Et klappt un der Dier vu mengem Klassesall: De Portier – de Berni! Ech misst bei de Chef. De Chef hat en Telefon kritt vum Guy Linster, dem Robert Krieps senger rietser Hand am MEN. Ech misst an d‘Stad fueren. D‘Klass kritt e Surveillant. Ech weess net, wat mech erwaart. D‘DNAP hat der Regierung e *préavis de grève* geschéckt. – Ech weess lo net, iwwerdeems ech dat schreiwen, ob et am Abrëll oder am November 1978 war. Fir wat fir eng Grève? – Huet et iwwerhaapt eppes domadder ze dinn?, denken ech am Auto. … De Staatssekretär Guy Linster reecht mer e Schreiwes: eis Grève wär illegal … Hie kuckt zefridden … Ech kucken domm dran … D‘Virbereedunge lafen dach schonn op Héichtouren! Op dem Schreiwes vum Regierungsrot – vum Grand-Duc ënnerschriwwen – stoung en Datum. Awer mat Hëllef vun engem Affekot hu mer erausfonnt, datt op deem Dag, mat deem d‘Schreiwes datéiert war, de Grand-Duc an der Vakanz war (zu Cabasson?). Dat heescht: den Datum gouf post- oder predatéiert. De Grand-Duc hätt zu deem Zäitpunkt net ënnerschreiwe *kënnen*! E Formfeeler! …

Mär *däerfe* streiken! Mär kënne *streiken*! Ech hunn déi grouss Eier, dem Guy Linster dat houfreg iwwer Telefon matzedeelen!

Wat fir en Historiker schaaft hei fir mech, fir eis a fir d'Geschicht Klorheet? A schafft déi spannend Zäit mat deene ville gewerkschaftlechen a schoulpolitesche Ausernanersetzungen op?

Wéi ech als Vertrieder vun der DNAP iwwregens 1978 mengem *Sous-Directeur* vum LGE a Chef vun der *Formation pédagogique*, dem Edmond Wagner, a säi Bureau matdeele goung, datt mer streike géifen, huet hie mech aus sengem Bureau gehäit, geflucht, mech vernannt a gefrot, firwat ech mech därmoosse vun Trotzkiste manipuléiere géing loossen. Dat war eng Uspillung un e puer aner Vertrieder aus der DNAP, déi mol als Unisstudente Member vun der LCR – der *Ligue des communistes révolutionnaires* – waren, an zwar de Jean-Paul Braquet, spéidere Professeur-Attaché ënnert dem Unterrechtsminister Marc Fischbach (1989- 1995); de Jo Troian, spéideren Direkter tëscht 2001 an 2011 vum deemolege Lycée Technique du Nord, an de Jean Portante, Stagiär zu Péiteng, duerno Proff zu Miersch an duerno Schrëftsteller. Den Edmond Wagner sot, e géif mengem Papp dat erziele goen. Wat deen dovun hale géif? … Esou kann ee mol als Jong *aus gutem Hause* intimidéiert ginn! Ech weess awer, datt ech ganz houfreg säi Bureau verlooss hat an an enger solidarescher DNAP a gudder Gesellschaft war. An hie war och tatsächlech mengem Papp dat an d'Geschäft soen! … *Ironie des Schicksals?* Oder *späte Wiedergutmachung*? Grad deen Edmond Wagner, als Direkter vum LGE, stellt mech 1993 – also fofzeng Joer duerno – a senger Schoul an! Mäi Papp war ganz houfreg …

Deen Abschied vu Péiteng gouf natierlech och gefeiert, de 24.9.1993 mat nach dräi aner Proffen, déi den LTMA fir en anere Lycée verlooss haten: dem Gen Leick, dem Danny Gaasch an dem Carine Reuter.

D'Proffen aus dem LTMA hu sech all zesumme gewiert, wéi 1985 déi korporatistesch Elite vun APESS-Proffen aus dem Lycée de Garçons vun Esch net dermadder averstane waren, datt den LTMA och den *ieweschten* Cycle vun de Lycées-Klasse géif kréien. (Déi éischt *VII*$^{e}$ *classique* vun der *Division inférieure* vum *Enseignement secondaire* gouf et vun 1974 un, nodeems duerch e Gesetz – ënnert dem Robert Krieps als Unterrechtsminister – d'Mëttelschoule vu Péiteng, Diddeleng a Wolz och d'Klasse vum ënneschten Cycle vum Lycée bäi kritt hunn.) Dës net grad kollegial Haltung huet eis revoltéiert a mär hunn eis gewiert – ë. a. mat engem ëffentlechen Debat mat Pressevertrieder am Danzsall vum Café Tornado – géint e Proff, dee géint d'Reforme war an de *Péitenger Modell* schlechtgeried huet, well e fort wollt kommen, nees an d'Stad, wäit ewech vum Péitenger ‚Wand'.

Am Text ‚*Das Ein und Alles*' aus der Brochür vum 25. Jubiläum – „*25 ans LTMA*" vun 1992 – schreift de Cornel Meder och iwwert säin deemolege Frust a seng Enttäuschung doriwwer. Mam Minister Fernand Boden a senge Beamten hat hien d'Méiglechkeet gepréift, wéi a wéini och d'Klasse vun der ieweschter *Sekundarstufe* zu Péiteng geschaaft kéinte ginn. Am Fréijoer 1985 wär „*alles zum Greifen nahe gewesen*". Awer „*ausser den oft schwierigen Konstellationen in der Politik gab es noch die schmutzigen Geschäfte der protektionistischen Bangemacher und Ränkeschmiede. Ein Kesseltreiben ohnegleichen, inszeniert von einigen Scharfmachern, gerade aus jener Anstalt, die ich als Schüler selbst besucht und in der ich meine Referendarzeit verbracht hatte* (…)."

A sengem drëtte Band vun der Meringer-Trilogie ‚*Steinberg*' – dem Cornel Meder säin *Alter ego* –, dat kuerz viru sengem Dout 2018 publizéiert gouf an an deem den Auteur mat sengem *Ghost* säi Liewen – mat senge Kämpf, Bréch, Erfolger, Réckschléi a Blessuren – Revue passéiere léisst an Elementer aus Roman an Autobiographie vermëscht, kënnt de Cornel drop zréck, wéi et dozou koum, datt Péiteng de ganze Sekundarberäich *net* kritt huet. Alles wär prett gewiescht, d'Ënnerlagen, den Accord vum Minister Boden. Awer et goung schif. Et koum net dozou. *Ein fataler Tag*, schreift de Cornel Meder am ‚*Steinberg*'. „(…) *Der Vizepremier also, der Immer-noch-Minister hatte von Bedenken aus den Reihen der Escher Studienräte gesprochen, die befürchteten, durch Petinger „Konkurrenz" könnten ihre Escher Schüler-Zahlen Schaden nehmen* (…)", obwuel déi meeschte Schüler aus dem Péitenger Raum – dem *Korntal* – an d'Stader Lycéeë géingen.

De Cornel Meder nennt d'Persounen a sengem ‚*Steinberg*' ni mam richtegen Numm, erfënnt fiktiv Nimm, oder nennt d'Leit guer net mam Numm. Dat mécht mech lo stutzeg! Ech muss weider nosichen …

Den elitären APESS-Proffecomité aus dem LGE huet op Pressekonferenzen a mat Resolutiounen dogéint protestéiert, datt Péiteng *all* d'Lycées-Klasse géif kréien. Et huet awer nach eng wichteg Persoun dat verhënnert. Et gëtt also een Haaptschëllegen. An zwar de Vizepremier Jacques Poos aus der Santer-Poos I-Regierung (tëscht 1984 an 1989). Bei deem Escher Politiker also hunn déi Escher Proffe Gehéier fonnt, an de Jacques Poos – e Sozialist! – huet dem Direkter Meder sengem Wonsch, all d'Lycéesklassen op Péiteng ze kréien, e Stréch duerch d'Rechnung gemaach an esou alles „*quasi in letzter Minute*" zu Fall bruecht. … Esou gëtt Lëtzebuerger Politik bedriwwen! Eng Persoun, ee Politiker kippt dat, wat aner Leit virdru mat Méi an Nout opgebaut hunn. Ech kann elo gutt verstoen, firwat de Cornel Meder esou desabuséiert a verbattert war. „*Solcherart desavouiert, würde ich mich keineswegs länger zum Narren*

*halten lassen!*" Hien, dee vun 1966 un eng kleng Schoul aus dem Näischt opgebaut hat – „*Die zur Verfügung stehenden Kredite waren von den Behörden auf einem unerträglich niedrigen Niveau eingefroren. Die Schule hatte keine Tradition und mithin keinen Namen.*"[2] – an zwar vun de puer Schoulsäll an der aler Gendarmerie, duerno zum Pavillon, dunn bis zum éischte Gebai, duerno zum zweeten, an dee seng Schoul mat méi enger grousser schoulescher Offer ausbaue wollt –, krut seng Zukunftspläng radikal zerstéiert. Kee Wonner, datt de Cornel no dësem battereRéckschlag eng nei Erausfuerderung gesicht huet, huet misse sichen, fir sech! An et war säi Parteikolleg, de Robert Krieps, de fréieren Unterrechtsminister – vun 1974 bis 1979 – a fënnef Joer duerno – vun 1984 bis 1989 – *Ministre des Affaires culturelles*, deen him 1986 eng „*sortie honorable*" erméiglecht huet. Dozou spéider méi.

Wann ech elo déi Zäit defiléiere loossen, kann ech awer eng aner Ursaach vum Cornel senger Roserei a Frust *net* deelen. De 6. Februar 1980 kënnt de Fernand Boden – Unterrechtsminister ënnert der Werner-Thorn-Regierung tëscht 1979 an 1984 – den LTMA besichen. E puer engagéiert Proffen, déi schonn dee virechte roude Schoulminister Robert Krieps net grad an d'Häerz geschloss haten – obwuel verschidener vun eis deem sozialistesche Minister ideologesch méi no stounge wéi dem CSV-Fernand Boden –, konnte scho glat a guer näischt mat engem schwaarze Minister senger Schoulpolitik ufänken. An dat hu mer deem och bei sengem Besuch mat Sloganen an op Plakater haart an däitlech ze verstoe ginn. De Cornel Meder schreift heizou: „(…) *Gelegentlich eines Antrittbesuches in der Petinger Schule wurde der Minister von einigen Lehrern so scharf ins Kreuzfeuer frecher Unterstellungen und überheblicher Besserwisserei genommen, dass er nur beleidigt reagieren und es sich quasi erlauben konnte, jener Schule, in der man ihn derart unfreundlich empfangen hatte, sein „Wohlwollen" wenigstens für einige Zeit zu entziehen (…)*"[3]

Eng komesch Conclusioun! E puer onfrëndlech Mecker-Enseignanten hätten deemno e Minister dozou bruecht, enger Schoul säi „*Wohlwollen*" ze entzéien! Dat ka jo bal net sinn! Da géif et jo (nach haut?) duergoen, e puer Parolen op Banderollen ze krozelen an deen doduerch *esou* beleidegte Minister motzt e puer Joer laang, kritt sech vun elauter Motzen net erkrabbelt a versicht doweinst e Schoulgebai wéinst e puer rebellesche Proffen ze boykottéieren an ze bestrofen! Dat wär jo gelaacht! Huet e Minister, deem dem Vollek dénge soll, net grad jidderengem – alle Schoule wéi alle Bierger – wuelgesënnt ze déngen, och wann et an enger Schoul Bierger gëtt, déi de kritesche Geescht nach net

2 Text '*Das Ein und Alles*' aus der Brochür vum 25. Jubiläum – „*25 ans LTMA*" vun 1992

3 ibidem

opginn hunn?! – Streitkultur, w.e.g.! – Kann et net sou gewiescht sinn, datt en CSV-Unterrechtsminister dee progressive Schoulmodell – wéi Gesamtschoul oder *Tronc commun* – op d'Kopp geheie wollt? Dee grousse schoulpolitesche Projet, als Gesamtschoulmodell mat der Haaptidde vun der ‚*équité éducative*' deen e sozialisteschen Unterrechtsminister Robert Krieps mat senge ‚roude' Schouldirekteren – dem Cornel Meder zu Péiteng an dem Ernest Hansen zu Diddeleng – virdrun ausgeschafft haten an un d'Rulle brénge wollten, gëtt an der nächster Legislaturperiod vum ‚schwaarze' Fernand Boden *net* weidergefouert. Et war *hien*, deen de progressiven Direkteren, déi jo wierklech modern schoulpolitesch Weeër aschloe wollten, schlecht gewëllt war. Dat hat also näischt mat de frechen, iwwerhieflechen an onhéiflechе Proffe vu Péiteng ze dunn. (Hei nees en Appel un Historiker, dës spannend Zäit mol genee opzeschaffen!)

Ech verstinn awer gutt, datt de frëndleche *Gastgeber* net frou iwwert déi Aart a Weis war, wéi säi Gaascht empfaange gouf. Et war jo awer e besonneschen Ulass. … Ech muss lo un de Claude Meisch denken. An alle Schoulen, déi hie besicht huet, krut en héiflech geklappt … an e puer onhéiflech Mecker-Enseignanten hunn d'Fauscht an der Täsch gemaach. Dofir ass de Claude Meisch – iwwregens e fréiere Schüler vu mär am LTMA – sou gär op Besuch an d'Schoule gaangen …

1980 krut ech meng fest Ustellung zu Péiteng. Eréischt dräi Joer nodeems ech alles gepackt hat, an zwar: d'Soutenance vu mengem *Mémoire scientifique*, dat éischt Joer vum *Stage pédagogique*; d'Soutenance vum *Mémoire pédagogique* an déi zwielef Muster- oder Proufstonnen (LTMA + LGE) am 2. Joer an déi sechs Inspektiounsstonnen an zwou Examensstonnen (LGE) am 3. Joer. Wéinst der Spuerpolitik goufen d'Proffen net gläich ugestallt an all Joer gouf et nëmmen eng begrenzten Zuel vun Nominatiounen, grad sou wéi de Staatsbudget fir d'*Fonction Publique* an déi spuersam Rekrutéierungspolitik vun de *Fonctionnaires* publics et zougelooss hunn, awer och jeenodeem, wéi deen eenzelne Kandidat sech „*en rang utile*" klasséiert hat. Eng Haaptfuerderung vun der DNAP während fënnef Joer war jo: déi *direkt* Nominatioun vun allen *Aspirants-professeurs ayant terminé avec succès leur formation pédagogique*.

A wéi ech meng Affectatioun 1993 an den Escher LGE krut, – ech war nëmme bereet, an den LGE ze wiesselen, wann ech do eng hallef Tâche krit fir Schreiwen a Schoulhalen nëtzlech kombinéieren ze kënnen, wat den deemolegen Unterrechtsminister Marc Fischbach an den Direkter Edmond Wagner mer och accordéiert hunn – hunn ech zu Esch deen onbegrënnte Widermutt vun de reaktionäre Proffe géint déi Schüler, déi vu Péiteng op IVe an den LGE komm sinn an och géint mech, als neie Prof, dee vu Péiteng koum, ze spiere kritt – Péiteng war fir si kee richtege Lycée – an zwar esou staark, datt ech mech a

menger neier Schoul net wuelgefillt hunn an do net richteg Fouss faasse konnt, an dofir gläich ee Joer no menger Affectatioun den LGE nees verloosse wollt, fir nees zréck a meng éischt ‚Hemecht', déi mech – an natierlech vill Schüler a Proffen – gepräägt hat, ze goen. Awer dat krut ech net erlaabt. Eng Nominatioun aus engem Lycée Technique – mat ‚nëmmen' engem ‚hallwe' Secondaire (mer wëssen, wie Schold dru war!) bis an e ‚ganze' Secondaire' hätt ech als erstriewenswäert Beruffserfëllung ugesi missten. Fir mech war dat anescht. Ech wollt eng Réck-Nominatioun … Ech hunn e puer Joer gebraucht, fir mech am LGE anzeliewen, an där Schoul, wou ech aacht Joer als Student verbruecht hat – ech hat d'VII^e doubléiert – an an där ech als Stagiär – als *Aspirant-professeur* – während dem *Stage pédagogique* tëscht 1975 an 1978 eng Klass hat, well wann een an engem Technique Schoul gehalen huet, huet ee missen an enger Klass vum *Secondaire* enseignéieren, wéinst de Prouf-, Inspectiouns- an den Examensstonnen. D'Enseignantë sollte jo an deene verschiddenen *Ordres d'enseignement* ausgebilt ginn. (Mäi ‚service à temps partiel' gouf iwwregens nach vun den Unterrechtsministerinnen Erna Hennicot-Schoepges, Anne Brasseur a Mady Delvaux bis zu menger Pensioun verlängert.)

D'Commissioun, déi sech mat der Aféierung vum Tronc commun beschäftege soll, gouf op Propositioun vum Robert Krieps – neien Unterrechtsminister an der Thorn-Vouel-, duerno Thorn-Berg-Regierung tëscht 1974 an 1979 –, agesat an déi dem Minister Virschléi fir d'Schafe vun enger Gesamtschoul – op lëtzebuergesch Verhältnisser ugepasst – gemaach huet oder wéinstens den *Tronc commun* – dat heescht d'Schüler tëscht 12 a 15 Joer all zesummen, also ouni tëscht Secondaire, Technique, Complémentaire asw… z'ënnerscheeden – , huet während dräi bis véier Joer hëtzeg Debatten ausgeléist. De Paul Schleimer war Präsident an de Cornel Meder Sekretär vun där Kommissioun. Och de *Cercle de liaison des enseignants critiques*, de CLEC, e sozialisteschen Aarbechtskrees, dee fir d'Gesamtschoul plädéiert huet, huet dofir Propaganda gemaach. Et goung Rieds vum *enseignant unique*, deen an all Schoultyp Schoul kéint halen. E puer Klasse vum *Enseignement complémentaire* goufen 1978 – als Pilotprojet vun engem méiglechen *Tronc commun* – an den LTMA integréiert – wat och eng regelrecht Revolutioun deemools war an net jidderengem gefall huet – an ech erënnere mech, datt ech während mengem Stage eng Klass vum *Enseignement complémentaire* iwwerholl hat – als Experiment – , a wéi ech 1978 meng Examensstonn hu missen halen, huet et vun offizieller Säit geheescht, ee fir de Lycée ausgebilten Enseignant kéint jo net am *Complémentaire* gepréift ginn: do hunn ech d'Klass am Joer misse wiesselen a krut eng ‚richteg' Klass: eng 7^e secondaire classique. Tja! Pilotprojeten hunn dat sou u sech, dat et net ëmmer klappt.

Den neie Schoulmodell gouf 1979 virgestallt, verdeedegt, gelueft awer och schaarf kritiséiert. An dunn… do koume Walen. An de Fernand Boden ersetzt de Robert Krieps als Unterrechtsminister. „*Dabei wusste Robert Krieps*“ – schreift de Cornel Meder an engem Artikel iwwert säi fréiere Chef – , *dass wenn die Wahl nicht gewonnen werden würde, alle Mühe für die Katz' gewesen war. Und die Wahl wurde nicht gewonen, die CSV bekam das Unterrichtsministerium zurück und ließ das Gesetz gezielt in einem Pilotexperiment scheitern.*“[4]

Zu Péiteng ware jo verschidde Schoulregimer: de Classique, den Technique, de Complémentaire, d'Fin d'études. Am Fong geholl war dat wéi eng Gesamtschoul. Déi verschidden *Ordres d'enseignement* hu cohabitéiert, ouni datt d'Schüler an de Klasse gemëscht goufen. Awer dat huet och net jidderengem gefall. Och verschiddenen Eltere vu Secondaires-Kanner net, déi gefaart hun, hir Kanner kriten dann net déi selwecht Léierconditioune gebueden a géifen doduerch schlecht ewechkommen, well se jo dann net gutt behitt an engem reng Secondaire-Schoulmilieu versuergt wären. Wat hu mer eis gewiert, géint de Versuch, Kanner auszeschléissen, mär wollten dach d'Schüler net a verschidde Kategorien andeelen, mär wollte s'all d'selwecht behandelen, jidderengem déi selwecht Chancen erméiglechen, an net scho virdrun d'Kanner schoulesch selectionnéieren, well dat heescht jo och ëmmer eng sozial Diskriminatioun. Grad dofir wollte mer de Schoulalldag verbesseren, mat méi Autonomie a Selbstvertraue fir d'Schüler, déi esou hir eege Stäerkten an hir eege Kreativitéit entfale kéinten.

A grad dofir war d'Kultur sou wichteg. An de Cornel Meder huet dat erméiglecht: Kultur an der Schoul. Oder wéi de Cornel Meder et nennt: „*die Öffnung des Klassensaals für die Luft der kulturellen Welt.*“[5]

Fir eis war et deemno wichteg, datt d'Schüler aus hirem kulturelle Ghetto erauskéimen, fir an de Genoss vu kulturellen Aktivéitéiten ze kommen, an dat an enger weltoppener Schoul war, an där d'Schüler Méiglechkeete gebuede kruten, sech pädagogesch-sënnvoll, sozial a kulturell z'entfalen. De Cornel Meder schreift dozou: „*Die Schüler sollten nicht unbedingt weiter an den sauerstoffarmen Lernprogrammen eingehen müssen, die zusätzlich fast ausschliesslich in einer Ex cathedra-Manier verabreicht oder eingebleut wurden. Die Durchforstung der Programme, pädagogische Innovationen und humanitäre Erleichterungen waren sehr vonnöten. Doch auch Begegnungen mit Ausserschulischem sollten ermöglicht werden, Entdeckungen von lebendigen Aspekten des Lebens sollten stattfinden, zu denen Schüler aus manchem Milieu vorerst keinen Zugang hatten*

4 Am Cornel Meder sengem drëtte Band vun der Meringer-Trilogie '*Steinberg*'

5 Text '*Das Ein und Alles*' aus der Brochür vum 25. Jubiläum – „*25 ans LTMA*“ vun 1992

*– das Zusammenarbeiten im Team (als Kompensation für die oft desolate Befindlichkeit im Klassenverband), die kreative Beweglichkeit (als Entschädigung für passiven Stoffkonsum) un das Erlernen menschlicher Handlungsreflexe.*“ [6]

Besonnesch op de *Journées culturelles trimestrielles* konnten d'Schüler sech u kulturellen Aktivitéiten ‚*à la carte*' bedeelegen. De Programm gouf ëmmer am *Courrier du Collège de Pétange* publizéiert – e regelméissegt Heftchen, dat iwwert alles, wat mat eiser Schoul an dem Enseignement am Allgemengen ze dinn hat, informéiert huet – an op der grousser Fënster am Préau affichéiert: Ausstellungen, Theateropféierungen, Liesunge mat Lëtzebuerger Schrëftsteller (Mars Klein, Josy Braun, René Clesse, Nico Helminger, …), Virtreeg, Dia- a Filmprojektiounen, *Exploration du monde*, Folklorsdänz a modern Dänz – ech denken un de Groupe folklorique, *d'Square-Dancers* an *Little Square Dancers*, déi ënnert der Leedung vum Hubert Eschette an der Schoul an op Tournée opgetratt sinn. Ech denken un eis Schülerband – *der Holly-Band* –, déi ëmmer op de Schoulfester opgetratt ass, a vun där *Band* ware verschidde Schüler – wéi Romain Heck, Heng Kleren, Jeff Glesener, Alain Graf, asw – spéider an der Musekszeen aktiv.

De Schülercomité huet den 18.4.1970 am Café ‚Turco' zu Péiteng dat alleréischt Schoulfest zu Lëtzebuerg organiséiert, mat Sketcher, Virtreeg, Theater an Disco. Ënnert der Regie vun engem Team vun Enseignanten (Asselborn, Weber, Kohll, Olinger, Weis, Weyland) ginn 1972 dräi Theaterstécker opgefouert: ‚*Eisen*' – vum Bertolt Brecht an der Iwwersetzung vum Cornel Meder; ‚*Mir si Studenten*' vum Norbert Weber an den ‚*Inventar*' vum Cornel Meder. 1976 spillen d'Schüler aus dem ieweschten Cycle – ënnert der Regie vum Jhemp Hoscheit a François Eifes ‚*Der Wunderdoktor*' (vum Uwe Mass, an der Iwwersetzung vum Nico Helminger) an d'Schüler aus dem ieweschte Cycle spillen d'Theaterstéck ‚*Kleinbürgerhochzeit*' vum Bertolt Brecht – vum Cornel Meder iwwersat an adaptéiert: ‚*Oarmelëttshochzäit*' – ënnert der Regie vum Gen Leick, dem Roger Klein an dem John Blaschette. Et goufen och Theateratelieren an Theateroptiounen. Kleng Theaterstécker – adaptéiert oder iwwersat – sinn zu Péiteng an auswäerts (Schraasseg, Foire Internationale) gespillt ginn. Och zwee Stécker vum Guy Rewenig geschriwwen: ‚*En Dag ouni besonnesch Neiegkeeten*' an ‚*Lescht Kontroll*'. 1977 spille Schülerinnen a Schüler ënnert der Regie vum Guy Wagner d'Theaterstéck ‚*Bravo Girl*' vum Werner Geifrig. De 9.7.1980 gouf en anert Theaterstéck – ‚*Keen Theater an der Schoul*', mäin éischt Stéck, dat ech geschriwwen hunn – zesumme mat Proffen a Schüler opgefouert. D'Regie hat d'Lony Hoffmann iwwerholl; den Dekor war vum Marianne Goebel. Wéi mer dat Stéck och an engem Stader Lycée opféiere wollten, huet et vun

6 ibidem




*Oarmelëttshochzäit*




*Schoulfest (Holly-Band)*

dem Sous-Direkter Henri Folmer geheescht: „*Keen Theater an der Schoul*". Dofir hu mer eist Stéck och sou genannt!

Et gouf net nëmmen Theater gespillt. Et goufen och Filmer gedréint. Zwee Schüler, den Alain Scharry an den Alain Steffen, hate souguer en Dréibuch zum *Woyzeck* vum Georg Büchner verfaasst, dat an den ale Gemaier vun der *Cockerills-Mine* zu Esch am *Ellergronn* mat enger *Super8*-Kamera verfilmt gouf. De Séi, bei deem d'Marie vum *Tambourmajor* – gespillt vum Roger Seimetz, engem Péitenger Geschichtsstagiär – erstach gouf, war de *Liégeois-Weier*.




*Schoulfest (Theaterzeen am Haff)*

A sengem Artikel „Die Petinger Kulturinsel"[7] schreift de Guy Rewenig an deem Zesummenhang: „*Ein herausragendes – weil einsames – Beispiel kontinuierlicher Kulturarbeit im pädagogischen Bereich ist die Initiative einer Handvoll Petinger Mittelschullehrer, die seit anderthalb Jahren versuchen, den Graben zwischen erzieherischem Anspruch und schulischer Wirklichkeit zu überbrücken. (...) Nicht das Resultat an sich hat hier vorrangige Bedeutung, sondern die Arbeitsweise, die Methode, das gruppendynamische Element. Nicht was unmittelbar „gespielt" oder „produziert" wird, gibt den Ausschlag, sondern was an konkreten Erfahrungen sozialer Natur gewonnen wird. Kultur erreicht hier tatsächlich Bedeutung und Qualität eines sozialen Unterrichts, der sich nicht mehr an grauer Theorie ausrichtet, sondern über praktische Veranstaltungen Massstäbe für jeden Einzelnen – Lehrer wie Schüler – setzt. (...)*"

7 Lëtzebuerger Land, 10.2.1978

(E wichtegen Opschloss iwwert d'Wichtegkeet vun der Animation Culturelle mat all hire villsäitegen Aspekter fannen ech am *Mémoire pédagogique* vum Jean Geisburg (1981): ‚*Die Animation Culturelle im beruflich-technischen Unterricht*, wou ënnert anerem iwwert d'Pionéieraarbecht a Saache soziokultureller Animatioun zu Péiteng Rieds geet. )

Et gouf awer och de Kino. D'Péitenger Schoul huet sech dem *Centre de Diffusion et d'Art Cinématographique* – ugeschloss. Den CDAC war aus dem *Ciné-Club 80* vum Lampertsbierg entstanen an a verschidde Schoulen am Land sinn Ciné-Clubë gegrënnt ginn. Och zu Péiteng. Mär sinn déi grouss Filmspullen an d'Stad siche gefuer an an engem klenge Sall vun der Péitenger Meederchersschoul – wou et e Filmprojekter gouf – sinn d'Filmer virun engem klengen awer intresséierte Publikum gewise ginn. Ech erënnere mech, datt mer do Filmer wéi ‚Z' vum Costa Gavras, ‚Trafic' vum a mam Monsieur Hulot, alias Jacques Tati; ‚Duel' vum Steven Spielberg gewisen hunn. Méi spéit sinn d'Filmer am Theatersall vum *Home* zu Péiteng gelaf. E Grupp vu begeeschterte Kinosfrënn – wéi de Luc Nothum an de Stéphane Bubel – huet e Programm mat aacht Filmer iwwert d'Joer opgestallt: do ware méi Leit do, obwuel d'Bild- an d'Tounqualitéit net ëmmer déi bescht war. Enn September 1983 gouf et do souguer e Film-Weekend: während dräi Deeg si sechs Filmer gewise ginn.

Ech erënneren awer och drun, datt de GAC 1983 opgeléist ginn ass, well mer agesinn haten, datt mer kulturell gesinn zwar vill geleescht, awer kultur*politesch* net vill erreecht haten. D'Kultur sollt fir eis e wichtegen an en normale Bestanddeel vum Schoulunterrecht ginn. Eis goung et drëms, de Broch tëscht Schoulliewen an der gesellschaftlecher Wierklechkeet – wéinstens deelweis – ze verhënneren. Mär wollten aus der Institutioun ‚Schoul' eng Plaz ouni Leeschtungsdrock, ouni Léierzwang, ouni Selektioun maachen, wou d'Schüler d'Méiglechkeet kréien, hir Perséinlechkeet an hir Kreativitéit z'entfalen. Eis ass et net gelongen, d'Kultur an den Unterrecht, weder an de schouleschen Alldag nach an den normale Schoulkursus z'integréieren. Eis sougenannt *activités culturelles périscolaires* hate just eng Alibifonktioun. D'Kultur blouf (a bleift?) an der Schoul nëmmen e Stéifkand, en Unhängsel. Dat huet awer net geheescht, datt et guer keng kulturell Aktivitéite méi gouf. D'Relève huet de *Groupe d'actions* mam Jeannot Scheer, deen ënnert dem Pseudonym *phil sarca* och engagéiert Lyrik geschriwwen huet, iwwerholl. De GA huet sech méi op politesch Aktivitéie fokusséiert (d'Demokratiséirung vun der Schoul, alternativ pädagogesch Methoden, Matbestëmmung, Feminismus, Friddensbewegung, Anti-Atombewegung, asw…)

Niewent de kulturellen Aktivitéite gouf et awer och nach eng villsäiteg Offer fir d'Schüler: Et goufe Sportsfester, Schoulfester moies a mëttes eng Zort Kiir-

mes mat Quizer a Spiller am Schoulhaff mat uschléissende Schouldiscoen (vu 16.00 bis 20.00 !), Chrëschtfeieren, Poterie-Couren, Ausstellungen, Schüler-rallyen, Crossen, Wandzeitung, Diskussiounsronnen, Theateroptiounen, Wantersport-Klassen zu Tulfes an Eisträich, pädagogesch Ausflig, *Fêtes de clôture*. 1987 gouf et den éischte Biotop mat Weier a Biogaart. De 15. Mee 1985 hate mer souguer eng *Journée de réflexion*. Dat war e Protest géint de schoulfräien Dag wéinst der Poopst-Visitt vum Jean-Paul II. zu Lëtzebuerg. Trotz fräiem Dag sinn e puer engagéiert Proffen an d'Schoul komm, fir mat Schüler iwwer sozial a politesch Themen ze diskutéieren. Jo! Zu Péiteng hu mer däerfen haart denken, haart iwwerleeën, a Schüler a Proffe konnte sech zu Wuert mellen: et ass ëmmer drëms gaangen, sech neie pädagogeschen Ufuerderungen ze stellen a méi fortschrëttlech Unterrechtsmethoden ze sichen, kuerz: d'Schoul ze veränneren an ze verbesseren. Et huet ee sech an där Schoul wuelgefillt, a wann e Schüler dat Gefill mol net hat, da gouf versicht, en anzebannen, him ze hëllefen, an dofir huet och de *Service de Psychologie et d'Orientation Scolaire* (SPOS) gesuergt, deen ëmmer fir d'Schüler do war.

Datt sech déi meeschte Schülerinnen a Schüler sech am CEMP an am LTMA wuelgefillt hunn, beweisen déi 750 (!) fréier Schülerinnen, Schüler a Proffen, déi den 13.3.1992 op d'*Journée des Anciens* komm sinn. De 25. Gebuertsdag vum CEMP/LTMA gouf gefeiert. Kee wollt dat verpassen. Et war wéi e grousst Konveniat … Datt sech souvill Leit fir d'Journée des Anciens umelle géifen, haten d'Véra Hérin, den Hubert Eschette an ech, déi sech ëm d'Organisatioun bekëmmert hunn, sech net virgestallt. En Erfolleg sonnergläichen! Fir de Buffet huet d'Hotelsschoul vun Dikrech gesuergt. D'Holly-Band huet e Concert ginn … Den 18.6.1992 war dann d'*Séance académique*.


© Archives AALTMA

Hei kuerz déi eenzel Etappen, wéi dat Geburtsdagskand entstanen a lues a lues gewuess ass: 9.7.1965: Gesetz vum *Enseignement Moyen*. 27.5.1966: Gesetz fir d'*Création du Collège d'enseignement moyen à Pétange* ënnert dem *Ministre de l'Education nationale et des Affaires Culturelles*, dem Pierre Grégoire. 1967: Kaf vum Terrain *An E'gent* op 1h 94 a fir 3.104.000 Flux. 1968: De Pavillon gëtt gebaut. 1968: Gesetz fir d'Konstruktioun vum Gebai-CEMP. 1969: 1. Fligel (Bâtiment B) gëtt gebaut. 14.2.1970: d'Gebai gëtt vum Unterrechtsminister Jean Dupong ageweit. 1971: Conventioun tëscht der Gemeng an dem Staat, fir d'Gebai ze vergréisseren. 1973: den 2. Fligel (Bâtiment A) an d'Sportshall gi gebaut. 1974: Déi éischt *VIIe classique* vum *Enseignement secondaire*, nodeems de Minister Jean Dupong duerch eng *Lettre ministérielle* d'Fonctionnement vun de *classes inférieures du lycée classique et des classes de l'enseignement professionnel* autoriséiert hat. Aus der fréierer ‚Péitenger Mëttelschoul', dem CEMP also – duerno *Collège de Pétange* – gëtt den 13.7.1979 offiziell de *Lycée Technique Mathias Adam*, un deen 1979/80 d'Schoul um Jénker (Déifferdang) ugegliddert gëtt. D'Gesetz vum 21.5.1979 iwwert den *Enseignement secondaire technique et professionnel* huet dat erméiglecht.

Ni géif haut e Schouldirekter erlaben, datt eng Proffe-Chorale ënnert dem Numm ‚*Los Cryos*' op feierlechen an héichoffiziellen Diplom- a Präisiwwereechungen um Enn vum Schouljoer optriede géif. De Cornel huet eis dat erlaabt: an hie krut an deenen – vun eis geschriwwenen a meeschtens op Mikis-Theodorakis-Melo-




*Los Cryos (Proffechouer)*

diē komponéierte Lidder – och mol de ‚Kéis'. Ech hunn déi ganz Sammlung vu Lidder versuergt a se lo iwwerflunn: do gouf also ëffentlech d'Schoul a Ministere kritiséiert an och mol ass de Chef schlecht ewechkomm. Mee wéi scho gesot: et war dee fräiheetleche Geescht, dee sou wichteg war. D'Meenungsfräiheet stoung iwwert allem … an op deenen Diplomiwwereechungsfeiere war et net sou steif, net sou fad an net sou sténklangweileg, wéi dat haut de Fall ass.

Datt ech dee Proff gi sinn, deen ech war, hunn ech – an net nëmmen ech – där Schoul an dem Cornel ze verdanken, duerch dat a wéinst deem, dat ech virdru geschriwwen hunn. An datt ech 2011 nach eemol schoulgewerkschaftlech ‚erwächt' sinn an zwar an der DNL – der *Délégation nationale des enseignants des lycées de l'ES et EST* (deem Grupp vun 18 Leit, déi d'Madame Delvaux ‚genannt' hat, sech ee Joer mat hirer Jorhonnertschoulreform ze beschäftegen) – huet och eppes mat menger Péitenger Vergaangenheet, engem toleranten an opgeschlossenen Direkter Meder an eisem gewerkschaftlechem Kampf vun deemools an der Péitenger ‚Léierbud' ze dunn, a besonnesch mat menger Politiséierung duerch déi deemoleg DNAP, der *Délégation Nationale des Aspirants-Professeurs*. Péiteng war fir mech eng besonnesch Erausfuerderung, eng positiv Erfarung an eng gutt Léier an allen Hisiichten.

Do gouf et dach nach den Aspekt vum Schrëftsteller, Publizist an Editeur Cornel Meder. Ech weess nach genee, datt hien op 4$^{e}$ am LGE mäin Däitsch-Prof war. Zu Esch war hie jo bekannt wéinst sengen Aufsatzthemen, déi keng *Erlebnisaufsätze* mee *Fantasieaufsätze* sollte sinn, mat Iwwerschrëfte wéi: *Der Tod des grünen Hundes, Mein Vater ist ein Leuchtkäfer, Die Katze auf der Kirchhofsmauer.* Op IVe goufe keng Aufsätz méi geschriwwen: do stoung d'Literaturgeschicht um Programm. Ech hunn nach dat ganz *Nibelungen*-Gedicht, dat ech als Student op der Schreifmaschinn getippt hat – enger *Olympia* vu mengem Papp, déi eng wichteg Roll am *‚Perl oder Pica'* spillt. De Professer Meder huet de Schüler (oder nëmme mär?) 1968 en Abonnement un d'Häerz geluecht – wéi konnt een do als Schüler nee soen! – an zwar en Abonnement fir den *doppelpunkt* – eng engagéiert a kritesch Literaturzäitschrëft – , déi hien mat Texter vu Lëtzebuerger Auteuren editéiert huet. Ech konnt mat siwwenzeng Joer nach net vill mat där Literatur ufänken … ech war jo méi e grousse Fan vun de Beatles! Mäi Papp – als ‚klenge' Libraire – muss mer deemno d'Abonnement bezuelt hunn – 4 Hefter an engem Joer fir 80 Flux (haut 2 €) –, well e sech geduecht huet, et kéint näischt schueden, wann de Fils säi Prof a sengen editorialistesche Beméiungen finanziell ënnerstëtzt. Den Ufank war gemaach … Haut versuergen ech d'*doppelpunkte* (1968 bis 1969) an och d'Schriftenreihe *impuls* (1965 bis 1970) a mengem Bicherschaf wéi e kostbare Schatz! … Ech konnt deemools als Student nach net

wëssen, datt ech – de Stagiär – de Cornel Meder – mäi fréiere Proff – siwe Joer duerno – 1975 – als mäin éischte Schouldirekter erëmbegéine géif.

Ech huelen den *doppelpunkt* No 4 vun 1968 aus dem Bicherschaf. En Text vum Fernand Karier … ‚*Oft sitze ich*', en Text – als „*wichtiger Nachlass*" – deen de Fernand Karier de 17.5.1967 zu Déifferdang virgelies hat … A schonn nees eng Erënnerung … Et klappt un der Dier vum Klassesall. De Portier bréngt en Ziedel. De Claude Conter, mäi Franséischproff a Schrëftstellerkolleg vum Fernand Karier, hëlt den Ziedel, liest fir sech, wat drop steet, schléckt, kräischt, trëppelt bei d'Fënster, reecht mär den Ziedel: ech soll e virliesen, hien hätt keng Stëmm méi. Ech trëppele bei d'Pult a liesen der Klass e kuerze Communiqué vir: de Fernand Karier ass haut den 27. Oktober 1967 bei engem Autosakzident zu Käerjeng ëm d'Liewe komm … De Fernand Karier war Däitschproff an zwou Schoulen an op sengem Schoulwee vum Escher LGE bis an den CEMP op Péiteng ass hien ëm d'Liewe komm. Am Alter vun 33 Joer. Mär goungen d'Schudderen aus, als Student, deemools. Elo gi se mer nees aus …

Op dëser Zäitrees nach kuerz e puer wichteg Daten an Etappen: 1969 näämlech huet den deemolegen Direkter vun der Péitenger Mëttelschoul – de Jean Juncker, den éischten Direkter vum CEMP (mat 6 Klassen, 12 Enseignanten an 129 Schüler) tëschent 1966 an 1969, – matgedeelt, datt e vu Péiteng an d'Beruffs- a Mëttelschoul op Ettelbréck wiessele wollt. De Cornel Meder, deen zu där Zäit an zwee Gebaier Schoul gehalen hat – an zwar zu Péiteng am ale Gendarmeriesgebai *an* zu Esch am LGE – huet sech fir deen neie Poste gemelt, sech beim deemolege Minister Jean Dupong virgestallt, sech bei sengem LGE-Direkter Henri Koch ofgemelt … an hie krut déi nei Plaz. Mol ee Joer op Prouf! „*Es gab einen Sprung in eiskaltes Wasser*", wéi en am Text ‚*Das Ein und Alles*' schreift. De *Referendar* Cornel Meder huet den LGE deemno 1969 verlooss, fir zu Péiteng *Directeur faisant fonction* ze ginn. De 27.6.1970 gouf hien do richtegen Direkter: *Luxemburgs jüngster Schuldirektor aller Zeiten*, wéi et am ‚Steinberg' steet.

Kee ka sech virstellen, wéi verwonnert mär all waren, wéi eisen Direkter de 14.7.1986 ugekënnegt huet, datt seng Zäit zu Péiteng am LTMA eriwwer wär. No senger siechzeng-järeger Direkteschzäit! Déi Noochriicht huet wéi e Blëtz aus onheiterem Himmel ageschloen an huet eis – ausgerechent op enger *Fête de Clôture* (!) – kal erwëscht. Dorops war kee gefaasst, keen hat dat erwaart. An dach! Hie wollt an d'Archiven, huet den 31.12.1986 déi Schoul verlooss – ( …) *die so lange mein* Ein und Alles *gewesen war – etwas verbittert, aber auch mit dem Gefühl hier einiges geleistet zu haben , das Bestand haben mochte* (…)"[8] –

8 Text '*Das Ein und Alles*' aus der Brochür vum 25. Jubiläum – „*25 ans LTMA*" vun 1992

an ass Direkter vun de Staatsarchive ginn, an déi Fonktioun hat hie bis 2003. Am Oktober 1987 ass d'Marie-Jeanne Theis-Gengler, – déi nom Départ vum Marcel Muller tëscht 1977 an 1987 *Directrice adjointe* war – zur Direktesch genannt ginn – a leider vill ze fréi, 1989, verstuerwen ass –, an am Dezember 1987 gëtt de Léon Beffort zum *Directeur-adjoint*, deen 1989 zum Direkter genannt gëtt.

Duerch Zoufall hunn ech an engem ale Classeur deen Text erëmfonnt – eng Ried –, déi ech als Präsident vum Proffecomité gehalen hat, wéi mer den 19.11.1987 am Préau dem Cornel säin Abschied gefeiert an d'Marie-Jeanne als eis nei Direktesch begréisst hunn. An natierlech hu *Los Cryos* et sech deen Dag net huele gelooss, fir deene zwee e puer vun eis fir déi Geleeënheet extra geschriwwe Lidder zum Beschten ze ginn.

Do war dach *nach* eppes! D'*mol*-Serie! Déi dënn Bichelcher, déi de Cornel Meder editéiert huet: Drësseg Hefter an dräi Spezialeditiounen tëscht 1978 an 1983, mat Texter vun ë. a. der Anise Koltz – dat éischt Heft –, der Anne Berger, dem Roger Manderscheid, dem Pol Greisch, dem Nico Helminger, dem Fernand Muller, dem Robert Gliedner, a besonnesch dem Fernand Barnich säin Theaterstéck (1983) *De Gaalgebierg – e Stéck aus dem Minett.* (Dem Fernand Barnich säin éischt Theaterstéck Um Block, dat mech sou begeeschtert a meng Léift zum *Minett* a meng Passioun fir déi fréier Biergaarbechterwelt entdecke gelooss huet, hat de Cornel schonn 1977 am Déifferdanger Volleksbildungsveräin erausginn.) An net ze vergiessen: ‚*Ech gi menger Wee*' vum Josy Braun – *mol* 6 aus dem Joer 1978 –, eng Erzielung, déi vill op 7$^{e}$ am Lëtzebuergesche gelies gouf.

Verschidden Auteuren, déi hir éischt Texter an der *mol*-Serie publizéiert hunn, sinn op Reuniounen op Péiteng komm, an d'Bibliothéik, an de Cornel hat mech gefrot, ob ech Sekretär kéint ‚spillen'. Ech weess nach, datt ech do de Georges Hausemer, de Josy Braun an de Roger Manderscheid kennegeléiert hunn, déi an den éischte *mol*-Hefter publizéiert haten. An de Cornel huet mech gestëppelt a gefrot, ob ech net och an engem *mol*-Heft publizéiere wéilt. Ech hat awer nach bis zu där Zäit ‚nëmme' kleng Cabaret-Sketcher geschriwwen. An do hunn ech ugefaangen, kleng Gedichter ze schreiwen, op franséisch: visuell Poesie, wéi d'*Calligrammes* vum Apollinaire oder wéi déi däitsch ‚konkret' Poeten, déi d'Wierder visualiséiert hunn a mat deenen ech mech deemools beschäftegt hunn. Dat war den *‚Album'* (Poèmes), Nr 22, dat den 18.12.1981 publizéiert gouf (*Editions du Centre Culturel de Differdange*): mäin éischt Buch … oder Bichelchen … Ech hunn zwee Joer duerno och en Dépliant – *ein Verlagsprospekt* – entwerfen däerfen, eng Reklamm mat all de *mol*-Titelen drop.

An do war d'Äis gebrach… oder den Ufank war gemaach… Oder? Ech wullen

a menge Classeuren … Wat e Gléck, datt ech souvill versuergt hunn. Dat hunn ech och dem Cornel ze verdanken, dee mer mol eng Kéier sot, e Schrëftsteller sollt alles versuergen, e bräicht säin eegent Privatarchiv. A sengem Referat[9], zitéiert d'Fabienne Gilbertz aus dem Cornel Meder senger Cliefer Ried vum 27.10.1985, wou hien den Auteuren un d'Häerz leet, aus enger „*posthumer Vorsorglichkeit*" ze sammelen, z'archivéieren, ze conservéieren, an zwar: Skizzen, Notizen, Varianten, Tagebicher, Bréiwer, Entwërf, asw… „*Wann een als Mënsch stierft, stierft een net als Auteur.*" …

Ech fanne mäin éischte satireschen Text, deen am *Courrier du Collège de Pétange* vum Juni 1977 publizéiert gouf: Am Text ‚*Über das Abschreiben und Anderes*' maachen ech mech lëschteg iwwer déi Leit, déi trotz Verkéiersschëlter d'*Limitation de vitesse* net anhalen. Och d'Schüler géife sech net u Virschrëften halen, wa se knäipen. „(…) *Wer verbietet der Schule aus Klassen Betriebe der freien Konkurrenz zu machen? Wer verbietet der Schule ihre Auslesefunktion auszuüben? Wer verbietet, dass hierdurch der Unterricht deutliche Tendenzen zur Isolation, Individualismus, Konkurrenzdenken, Stress, Angst und Leistungsdruck aufweist?* (…)" …

Duerno hu mer eis jo och nach ‚schrëftstelleresch' begéint. De Cornel huet nämlech verschidde vu mengen Texter an der *Galerie*, déi de Centre Culturel vun Déifferdeng – vun 1982 un – ënnert senger Regie a Virsëtz editéiert huet, publizéiert. Mäi *Libretto pour un spectacle musical tragi-comique – Minotaure.com* – , deen ech fir den nationale Literaturconcours 2009 fir Libretti agereecht hat an deen net präméiert gouf – huet hien an der Galerie 28 (2010) No 1 publizéiert a meng Chronik vun 1996 bis 2006 iwwert den Tournage vum *Perl oder Pica – Vum Buch zum Film – Wéi aus engem lëtzebuerger Roman e lëtzebuerger Film gëtt* – koum 2009 an der éischter DOK Nummer vun der Galerie eraus.

Wat wär gewiescht, wann …? Déi Fro stellt ee sech dacks! Ech erënnere mech nees… 1985, also zu där Zäit, wou de Robert Krieps Kulturminister war, huet de Cornel mer virgeschloen, ech sollt mech mol bei säi Frënd Robert virstelle goen. Dee géif eng kulturinteresséiert Persoun – e *Professeur-attaché* – fir säi Ministère sichen. Eng interessant Propositioun, déi hie mer sécher als Unerkennung fir meng Verdéngschter a Saache kulturellen Aktivitéiten zu Péiteng gemaach huet. Wat hat ech – e lokale Matverantwortleche vun der *Animation culturelle* an enger Schoul – da mam Krieps senger Demokratiséierung vun der Kultur op nationalem Plang ze dunn? (Wann ech lo zréckkucken, da kann een dem Robert Krieps fir alles dat, wat e fir déi kulturell Demokratiséirung

9 Referat vum Fabienne Gilbertz iwwert de Cornel Meder: Literat und Literaturförderer. Eine Integrationsfigur von Format (CNL-Miersch, 29.11.2018)

am Land ënnerholl an erreecht huet, net genuch Merci soen.) … Ech hu laang iwwerluegt. Ech hu mengem kabarettistesche Léiermeeschter, dem Mars Klein, deen ech ech ganz gutt kannt hunn a mat deem ee gutt diskutéiere konnt – Streitkultur! – ugeruff, fir hien ëm Rot ze froen. Mär hun eis zu Esch *Beim Lema* getraff. Ech hunn hie gefrot, „*Ob dat eppes fir mech wär?*" an hie sot gläich, ech sollt mäi Kapp a Rou leeën, de Robert Krieps hätt him ugeruff, hie wär déi Persoun, de Minister hätt him schonn de Poste ginn … Wat wär gewiescht, wann *ech* attachéiert gi wär? … Dann hätt ech keng Bicher schreiwen a kee Cabaret méi spille kënnen. An ech hätt iwwer d'Subsidë vun anere Bicherschreiwer entscheeden oder siwenafofzeg Bicher fir eng *Buchmesse* selectionnéiere missen. Oder … ech wär – wéi de Mars no enger Zäit – nees hannescht an eng Schoul gaangen … vläicht nees a ‚meng' Schoul.